N°6209
Reçue le 18.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 18.05.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/05/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.**

2021 goufen d'Fiches d'impôts vun der Steierverwaltung digitaliséiert, esou dass d'Salariéeën hir Fiches d'impôt net méi mussen un den Employeur weiderginn. Den Employeur muss des Fichen da vu MyGuichet eroflueden. Mëscht en dëst net, kann d'Steierverwaltung eng Astreinte oder Sommatioun ausspriechen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Astreinten a Sommatioune goufen an dësem Kader scho gesprach? Wéi héisch faalen dës Strofen an der Reegel aus?
2. Wéi vill Astreinte goufen un Entreprisë gesprach,
   - déi iwwer 250 Salariéeën hunn?
   - déi tëscht 50 an 250 Salariéeën hunn?
   - déi tëscht 50 an 1 Salariéeën hunn?
3. Schwätzt d'ACD och Astreinten oder Sommatioune géint Entreprisen aus, déi keng Salariéeë beschäftegen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6209 vum 18. Mee 2022 vum Här Deputéierten Sven Clement**

Wéi am Koalitiounsaccord vun 2018 virgesinn, ass d'Digitaliséierung eng Prioritéit fir d'Regierung. Deemno ginn ëmmer méi Prozeduren a Demarchë moderniséiert an digital ugebueden.

An dësem Kontext sinn am Joer 2021 d'Steierkaarten digitaliséiert ginn, an d'Employeur'en an d'Pensiounskeese kënnen d'Steierkaarte vun hire Salarié'en a Pensionären elektronesch ënner MyGuichet.lu agesinn an och vun do eroflueden.

Wann am Joer 2021 déi Asiicht nach fakultativ war, esou ass et zënter dem 1. Januar 2022 obligatoresch fir d'Steierkaarte vun de Salarié'en a Pensionären op MyGuichet.lu anzegesinn. Dës Flicht betrëfft all Steierkaarten déi ab dem 1. Januar 2022 dem jeeweilegen Employeur an/oder Débiteur vun enger Rent am Guichet zur Verfügung gestallt ginn.

De Paragraf 202a AO gesäit fir d'Net-Beuechte vun dëser Bestëmmung Strofe vir, déi sech kënne bis op maximal 10.000 Euro belafen.

Enger Fixatioun vun enger Astreinte geet ëmmer ee Rappel an eng Sommatioun vun enger Astreinte viraus.

Déi éischt Fixatioune vun Astreinte'en sinn den 2. Mee 2022 virgeholl ginn, an et waren där 1.880 insgesamt, mat folgender Verdeelung:

| **Unzuel Salarié'en** | **Unzuel Astreinte'en** |
|---:|---:|
| 1 bis 50 | 1.872 |
| 51 bis 250 | 6 |
| méi ewéi 250 | 2 |

D'Beträg vun den Astreinte'en hänken of vun der Unzuel vu Salarié'en, déi de betraffene Betrib op de leschten Dag vun dem Mount hat fir deen d'Astreinte fixéiert gëtt.

Ech bieden den honorabelen Deputéierten ënnen drënner déi respektiv Beträg am Fall vun enger éischter Astreinte ze fannen:

| **Unzuel Salarié'en** | **Betrag** |
|---:|---:|
| 1 bis 10 | 200 Euro |
| 11 bis 25 | 400 Euro |
| 26 bis 50 | 800 Euro |
| 51 bis 100 | 1.600 Euro |
| méi ewéi 100 | 3.200 Euro |

Wann den Employeur weiderhi senger Flicht d'Steierkaarte vu senge Salarié'en anzegesinn net nokënnt, fir ee Mount fir dee schonn eng Astreinte verhaange ginn ass, ginn déi Astreinte'en erhéicht.

Als Salarié gëtt vun der Steierverwaltung jidderee betruecht, deen ee Revenu kritt, deen ënnert d'Bestëmmunge vun den Artikele 95 a 95a L.I.R. fält. Zu den Salariéë gehéieren och déi Leit déi bezuelt gi fir sech ëm d'Gestion journalière vun enger Gesellschaft ze bekëmmeren (Associés-Gérants an Administrateurs-délégués), obschonn dës Populatioun vum Centre Commun de la Sécurité sociale als Indépendant behandelt gëtt.

Betriber déi keng Salarié'en hunn kënnen natierlech keng Astreinte verhaange kréien, an déi ginn och net fir d'Lounsteier vun der Steierverwaltung opgeholl.

Lëtzebuerg, den 14. Juni 2022

D' Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes